LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 18 mars 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

REÇU
Par Alff Christian , 10:30, 18/03/2021

**<u>Objet :</u>** Question parlementaire n°3669 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°3669 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Energieminister op d'parlamentaresch Fro n°3669 vum 18. Februar 2021 vun den éirewäerten Deputéierten Madamm Martine Hansen an Här Paul Galles iwwer d'Wandenergie**

***Wäerten d'Grenzwäerter fir di verschidden Emissiounspunkte fir di nei Generatioun vu Wandmillen deementspriechend ugepasst ginn?***

Et geet ee bei dëser Äntwert dovun aus, dass déi honorabel Deputéiert mat "Emissiounspunkten" déi Punkten mengen, déi definéiert ginn, fir den Impakt ze quantifizéieren.

Deen an der Noperschaft zoulässegen Ëmweltimpakt gëtt net duerch eng spezifesch Anlag bestëmmt mee duerch de Charakter vun dem betraffene Gebitt.

Beim Kaméidi gëtt den zoulässegem Impakt duerch d'Astufung no dem groussherzogleche Reglement vum 13. Februar 1979 definéiert. Heibäi ginn z.B. d'Unzuel vun Wunnengen an engem Ëmkrees vun 100m, de Verkéier, oder Präsenz vu weideren Betriber a Betruecht gezunn. Beim Schiet gëtt et keng spezifesch national Legislatioun. Am Kader vum Commodo-Gesetz gëtt sech un déi däitsch Approche ralliéiert, déi keng gebittsspezifesch Grenzwäerter virgesäit.

***Wäert an Zukunft och den Infraschall zu engem entscheedende Krittär beim Opriichte vun enger Wandmille gezielt ginn? Wann jo wéi eng Grenzwäerter sollen hei an Zukunft gëllen?***

Aktuell gëtt et keng geséchert Erkenntnisser zum Infraschall bäi Wandmillen, déi géifen spezifesch Grenzwäerter justifiéieren. Dëst gouf och schonn an den Äntwerten op d'parlementaresch Froen n°2590 vun den honorabelen Deputéierten André Bauler a Gusty Graas, n°3702 vum honorabelen Deputéierten Max Hahn souwéi n°3938 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser thematiséiert. D'wëssenschaftlech Erkenntnisser zu deem Thema gi selbstverständlech vun den zoustännegen staatleche Servicer suivéiert.

***Ass d'Ministesch an dësem Kontext der Meenung, dass si hir Autorisatioun soll zréckstelle bis eng Auswäertung vun den Infraschallmiessunge vu Soler virleit?***

D'Commodogesetzgeebung gesäit een Zréckstellen vu lafenden Dossieren net vir. De Ministère huet awer matgedeelt kritt datt de Projetsentwéckeler prioritär deen neien Site an der Gemeng Ierpeldeng wäert analyséieren a virun dreiwen.

***Huet de Ministère en Gesamtplang fir Wandenergie zu Lëtzebuerg a fir Sitte wou Wandmille kënnen a sollen hin – oder gëtt et de jeeweilege Bauhären a Gemengen iwwerlooss fir dem Ëmweltministère eppes ze proposéieren?***

***Gegebenenfalls, wat schwätzt géint d'Opstelle vun engem nationale Wandkadaster (oder plan sectoriel éoliennes) mat sou Informatiounen?***

Aus der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3139 vun dem éirewäerten Deputéierten Fernand Kartheiser ass ze gesinn, dat et keen Kadaster gëtt, dee potentiell Site fir Wandanlagen definéiert.

All Projet gëtt eenzel analyséiert a gepréift, well déi wichteg Facteuren raimlech an zäitlech staark ännere kënnen; d 'Distanz vum geplangten Standuert zu (neien) Wunngebidder, d'Virkommen vun geschützten Déieren, den technologeschen Fortschrëtt bei den Anlagen asw.

***Wéi vill Energie aus Wandkraaft, bzw. Wandmillen oder Sitte fir Wandmille brauche mer fir ons Klimaziler ze erreechen?***

Den nationalen Energie- a Klimaplang gesäit am Zielszenario fir 2030 eng Gesamtstroumproduktioun aus Wandkraaft vun 674 GWh vir, 2019 waren et 281 GWh.

Fir den Ament mécht d'Stroumproduktion aus Wandkraaft de gréissten Deel vun den erneierbaren Energien am Stroum aus. Momentan ass dem Ministère bekannt dat ronn 10 weider Wandparken an der Entwécklung sinn, sou dass déi aktuell Evolutioun vun der Wandkraaft an déi richteg Richtung geet fir d'Ziler 2030 aus dem nationalen Energie- a Klimaplang ze erreechen. Oft ginn och op bestoende Siten d'Wandanlagen verstärkt ("repowered").

De nationalen Energie- a Klimaplang gesäit och bis 2040 eng weider Hausse vun der installéierter Kapazitéit op 550 MW vir, wat ongeféier enger Stroumproduktioun vun 1.166 GWh entsprécht. Dëst ass eng ambitiéis Zilsetzung an den technologeschen Fortschrëtt bei de Wandanlagen wäert eng wichteg Hëllef beim Erreeche vun dësem Zil sinn.

***Firwat ass d'Regierung dogéint, dass Wandmillen an de Bëscher opgestallt ginn?***

D'negativ Auswierkunge vum Opstelle vu Wandturbinne sinn am Bësch weesentlech méi grouss wéi am Oppeland. Et kann een dovunner ausgoen, dass am Bësch bei der Installatioun vun der Plattform vun enger Wandturbinn tëschent 0,7 an 0,9 Hektar Bëschfläch dauerhaft verluer geet. Derbäi kommen dann nach Zoufaartsweeër déi mussen ausgebaut ginn fir dass d'Schwéiertransporter kënne bei d'Plattform kommen an d'Schneisen déi musse gemaach ginn fir d'Zouleitungen ze verleeën. De renge Flächeverloscht ass deemno am Bësch méi grouss wéi am Oppeland.

Dobäi kënnt dann nach, dass de gréissten Deel vun dëser ofgeholztener Bëschfläch nom Opbau vun der Anlag net méi mat Beem ugeplanzt gëtt. Op der Plaz wou d'Anlag steet ass d'Bëschklima dauerhaft ënnerbrach an de Bësch ka seng Ekosystemdéngschtleeschtungen net méi erfëllen. Donieft gëllt et och ze bedenken, dass den Terrain am Bësch oft méi géi ass wéi dee vum Oppeland. Den Agrëff duerch d'Installatioun vun enger horizontaler Plattform fir eng Wandturbinn ass an de Bëschhanglagen extrem grouss a vu Wäitem siichtbar.

D'Bëscher sinn awer och ganz wichteg a sensibel Liewensraim a Réckzuchsgebidder fir seelen Aarten. Et läit an eiser Hand dofir ze suergen, dass de Bestand vun dësen Aarte sech verbessert.

Zu gudder Lescht sollt dann awer och nach ernimmt ginn, dass eis Bëscher och fir de Mënsch eng wichteg Funktioun hunn déi muss geschützt ginn.

***Wéi reagéiert d' Ëmweltministesch op d'Suerg vun de Bierdener di sech gréisstendeels géint d'Wandmillen ausschwätzen? Wéi bënnt si d'Bierger bei der Entscheedung um Bau an?***

D'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung hëllt d'Suergen vun den Leit ganz eescht. Am Kader vum Kommodo-Gesetz kruten d'Bierger d'Méiglechkeet sech zu dem konkrete Projet ze positionéieren. All Observatioune gi virun dem Erdeelen vun der Autorisatioun gepréift.

D'Wandenergie ass Bestanddeel vum nationalen Energie- an Klimaplang fir d'Period 2021 – 2030 (PNEC). Dëse Plang gouf enger Strategescher Emweltpréifung (SUP) ënnerzunn am Kader vun där sech d'Bierger och konnte bedeelegen. D'Regierung huet en den 20. Mee 2020 ugeholl.